**Le caractère urgent de la question n'a pas été reconnu (09.09.19)**

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
0 9 SEP. 2019
1177

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/09/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

Nächst Woch fënnt d'Hierschtsessioun vun den Ofschlossexamen am Secondaire statt. Eis gouf vu verschidde Schüler zougedroen, dass d'Organisatioun vun dëser Sessioun engem zimlech straffen Zäitplang ënnerläit. An effektiv hu mir festgestallt, dass d'Schüler a grad mol 4 Deeg ronn 11 Exame schreiwe sollen, woubäi 9 Examen op 3 Deeg verdeelt sinn. Am Vergläich: fir d'Summersessioun 2019 hat ee Schüler ee bis zwee Examen pro Dag ze schreiwen.

Ween schonn een Examen op Première geschriwwen huet, dee weess, wat fir ee Konzentratiounseffort fir dës Prüfungen néideg ass. Nom Artikel 2 vum Reglement Grand-Ducal iwwert d'Organisatioun vum Ofschlossexamen am Secondaire steet et dem Minister fräi, d'Examen ze organiséieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Firwat fannen d'Ofschlossexamen an der Hierschtsessioun, am Vergläich zu den Examen an der Summersessioun, an esou engem enken Zäitraum statt?

2. Gesäit de Minister an, dass et fir d'Schüler vun der Hierschtsessioun eng Ufuerderung ass, 3 Ofschlossexamen an engem Dag ze schreiwen?

3. Gesäit de Minister ee Risiko, dass d'Organisatioun vun der Hierschtsessioun d'Schüler am Verglach zu de Participanten aus der Summersessioun benodeelegt?
    - Falls nee, kann de Minister dëst unhand vun de Notten aus de leschte Jore beleeën?

4. Wäert de Minister an Zukunft d'maximal Unzuel vun Exame pro Dag iwwert de Reglement Grand-Ducal deckelen?
    - Falls jo, bis wéini gedenkt hien dat ze maachen?
    - Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 1er octobre 2019

Monsieur le Président de la Chambre des Députés
19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 1177 de Monsieur le Député Marc Goergen**

Den Här Deputéierte Marc Goergen huet eng parlamentaresch Ufro am Kontext vun der Hierschtsessioun vun den Ofschlossexamen am Secondaire gestallt: D'Schüler missten a 4 Deeg ronn 11 Exame schreiwen, woubäi 9 Examen op 3 Deeg verdeelt wären.

Laut Examensreglement mussen d'Schüler sech der Summersessioun stellen. Zu dësem Prinzip gëtt et e puer Ausnamen. Engersäits ginn an der Hierschtsessioun d'Noexame vum Summer organiséiert. Anerersäits bitt dës Sessioun awer och verschiddene Schüler eng zousätzlech Méiglechkeet, fir hiren Examen am Hierscht nozehuelen. Ech erlabe mir, hei op déi 2 Fäll méi detailléiert anzegoen.

1. Schüler am Noexamen

   Den ajournéierte Kandidat kritt déi genügend Notte vun der Summersessioun guttgeschriwwen, sou dass hien an der Hierschtsessioun jee no Resultat 1 bis 3 Noexame mécht. Dës Noexame verdeelen sech op 6 Deeg.

   Et sinn dëst Joer zwou oder dräi Epreuvë pro Dag am Enseignement secondaire classique, respektiv zwou Epreuvë pro Dag am Enseignement secondaire général festgeluecht. Datt e Schüler 3 Epreuven an engem Dag huet, kënnt hei an der Regel net vir, well d'wëssenschaftlech Fächer, d'Sproochen an d'Niewefächer sech ofwiesselen an d'Noexamen sech éischter op déi wëssenschaftlech Fächer beschränken. Dëst Joer huet kee Kandidat méi wéi 2 Epreuvë pro Dag.

2. Schüler, déi hiren Examen integral an der Hierschtsessioun presentéieren

   Nieft den Noexame vun der Summersessioun kréie Schüler ënner gewësse Konditiounen d'Méiglechkeet, de Premièresexamen am Hierscht ze maachen. D'Epreuvë sinn déi selwecht wéi fir d'ajournéiert Kandidaten. Folgend Kandidate kommen a Fro:

   - Schüler, déi aus Krankheetsgrënn am Summer net untriede konnten;
   - Schüler, déi an der Summersessioun duerchgefall sinn, déi awer am Joer op d'mannst eng Moyenne générale annuelle vun 36/60 haten.

   Fir all Examensfach (10 oder 11 pro Sektioun) gëtt den Datum vun der Epreuve festgeluecht. Dëst bedeit awer net, dass all Schüler all Fächer vu senger Sektioun presentéiere muss. Ech weisen den Här Deputéierten drop hin, datt, säit der Reform vum Premièresexamen (2018 fir d'Schüler vum Enseignement classique, 2019 fir d'Schüler vum Enseignement général), jiddwer Schüler just nach 6 Fächer presentéiert, an dat gëllt och fir d'Hierschtsessioun.

   Laut dem Examenskalenner vum Enseignement secondaire classique ass et theoretesch méiglech, dass ee Schüler 3 Examen an engem Dag huet; an der Praxis ass dëst awer nëmme ganz seelen de Fall.



29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85100
Fax (+352) 247-85113
info@men.lu
www.men.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

127-000188-2040816-FR

Eng méi kuerz Examensperiod am Hierscht justifiéiert respektiv imposéiert sech aus folgende Grënn:

1. D'ajournéiert Kandidate presentéiere sech just hallef esou vill Examen wéi an der Summersessioun.
2. Am Summer fänkt den Examen e puer Deeg nom Enn vun de Coursen un. Et sinn awer Pausen tëschent den Examensdeeg virgesinn, fir datt d'Schüler nach déi eng oder aner Inhalter widderhuele kënnen. Dogéint hunn d'Kandidaten am Hierscht virun den Noexamen iwwer 2 Méint Zäit, fir hir Matière ze verdéiwen.
3. D'Straffung am Hierscht ass néideg, well d'Examensdecisioune bis Enn September musse geholl sinn: den allgemenge Wonsch – an och eist Zil – ass, Schüler mat klenge Schwächten d'Méiglechkeet ze ginn, am Summer ze léieren, sech am September den Examen ze stellen an hir Studien nach am Hierscht unzefänken. Deene Schüler, déi sech net staark genug fille fir eng ganz 2. Sessioun ze maachen, roden d'Schoulen aus pedagogesche Grënn, hiert Joer nach eng Kéier a Rou unzegoen an sech duerno dem Examen ze stellen.

2018 kruten no den Noexamen nach 215 Schüler hiren Diplom. Dat erhéicht den Taux de réussite ëm iwwer 6%. Et ass awer schwéier, e Verglach tëschent de Resultater am Summer an deenen am Hierscht opzestellen, well d'Schüler, déi sech dem Noexamen oder der zweeter Sessioun stellen, am Prinzip en anere Profil hu wéi d'Schüler, déi den Examen am Summer maachen.

Fir datt och am Hierscht all Schüler sech maximal 2 Epreuvë pro Dag muss presentéieren, hunn ech awer d'Responsabel vum zoustännege Service ugewisen, d'Repartitioun vun den Exame fir d'nächst Joer ze iwwerschaffen.

Ech weisen hei nach drop hin, datt all Joer souwuel d'national Schülerkonferenz wéi och d'Lycéesdirektiounen den Examenskalenner virgeluecht kréien, an datt hirem Avis ëmmer Rechnung gedroe gëtt.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse